# Ligue HMC coopérative s.c.

Mir begleeden an ënnerstëtze Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung an de Beräicher Formatioun, Aarbecht, Dagesbetreiung, Wunnen a Fräizäit.

Mir siche fir eis Atelieren

## e Kach / eng Kächin (Réf. : Cuis 05/2019)

(Niveau DAP, CPP)
CDD 20-Stonne/Woch
Fir eng Dispenz, e Congé de Maternité an e Congé Parental ze ersetzen
Schaffzäiten :
dënschdes, mëttwochs a donneschdes vun 10.00 bis 14.00 Auer,
freides de ganzen Dag

Är Missioun:

- Dir hëlleft de veschiddenen Ekippen aus dem Beräich Restauratioun: Kantinnen zu Capellen an zu Gasperich, Restauranten zu Capellen an zu Erpeldange-sur-Sûre, Uebstkichen zu Capellen
- Dir encadréiert Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung gemeinsam mat der Ekipp

Äre Profil:

- Gutt Kenntnisser an Erfahrung als Kach hunn.
- Motivéiert si, fir mat Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung ze schaffen a si am Beruffsalldag ze ënnerstëtzen.
- An enger Ekipp schaffen a Verantwortung iwwerhuele kënnen.
- Flexibel a villsäiteg sinn a mat schwierege Situatioune kënnen eens ginn.
- Gutt HACCP Kenntnisser hunn.
- Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch schwätzen kënnen.
- Informatesch Kenntnisser an e Führerschäin Klass B hunn.

Fir weider Informatiounen, meld Iech um 30 92 32-292.

Eng éischt Auswiel gëtt op Basis vum Dossier gemaach.

D'Kandidaturen (Motivatiounsbréif, Curriculum Vitae, Diplomer, Casier Judiciaire Bulletin N°3[i])Diplomer an eng rezent Photo) kënne bis spéitstens den 8. Juni 2019 geschéckt ginn un:

Ligue HMC coopérative s.c.
Direction
B.P. 49
L-8301 Capellen

www.ligue-hmc.lu

[i] L'agrément nécessaire à notre structure prévoit de vérifier la condition d'honorabilité des salariés. De ce fait et au vu de la population encadrée, le casier judiciaire est demandé.